# Neien ënnerierdesche Parking zu Schëffleng

## Parkhaus Am Zentrum



GEMENG
SCHËFFLENG

GEMENG
SCHËFFLENG

B.P. 11 - Avenue de la Libérartion
L-3801 Schifflange

info@schifflange.lu
**schifflange.lu**

T. (+352) 54 50 61-1

# Begréissung



**Léif Biergerinne,**
**léif Bierger,**

Mat groussem Houfert deele mir Iech mat datt den éischten ënnerierdesche Parking zu Schëffleng elo opgaang ass, eng modern Infrastruktur, déi entworf gouf, fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng ze begleeden an den Alldag vun eis alleguer ze verbesseren.

Dëse Projet markéiert eng wichteg Etapp an eisem Engagement, d'Parkingssituatioun ze optiméieren, de Verkéiersfloss ze verbesseren an den ëffentleche Raum méi agreabel a sécher ze gestalten.

Mee dëse Parking ass nëmmen een Element vun enger méi grousser Visioun: där vun enger nohalteger, diversifizéierter an accessibeler Mobilitéit. Zu Schëffleng wëlle mir déi aktiv Mobilitéit fërderen, ob zu Fouss, mam Vëlo, mat den ëffentlechen Transportmëttel oder duerch gemeinsam genotzte Léisungen. Dës Alternativen ergänzen d'Parkings-Offer a droen dozou bäi, den Verkéiersdrock op eise Stroossen ze reduzéieren, a gläichzäiteg d'Liewensqualitéit an eise Quartieren ze erhéijen.

Als liewege Raum geduecht, wäert de Parking op sengem Daach geschwë Plaz bidde fir e grénge Park an eng Spillplaz. Sou gëtt aus enger praktescher Infrastruktur ee richtege Liewensraum fir Entspanung an Zesummekommen. Dëse Projet illustréiert eisen Asaz, Mobilitéit, Wuelbefannen an Ëmweltschutz an Aklang ze bréngen an dat am Déngscht vun enger méi harmonescher a zukunftsorientéierter Gemeng.

Ech invitéieren Iech, dës nei Infrastruktur ze entdecken, e Symbol vu Modernitéit a nohalteger Transitioun fir Schëffleng.

**Carlo Feiereisen,**
**Buergermeeschter**

# Eng nei Approche fir d’Parken an eiser Gemeng

D’Gemeng Schëffleng well e laangfristegt Konzept ëmsetze fir de Parkplazmanagement ze optimiséieren, de Verkéiersfloss ze verbesseren an nohalteg Mobilitéitsformen ze fërderen.

An dësem Kader gëtt e besonnesche Schwéierpunkt op d’„Shared Spaces“ geluecht: gemeinsam Raim fir Autoen a Foussgänger, fir eng harmonesch, sécher a frëndlech Koexistenz ze fërderen.

D’Zil ass et, den urbane Raum nei ze gestalten a Plazen ze schafen, wou Mobilitéit net nëmmen als einfache Passage verstane gëtt, mee als e Konzept vum Zesummekommen a géigesäitege Respekt. Dat dréit dozou bäi, d’Liewensqualitéit fir all Bierger·innen ze verbesseren.





## Firwat en neit Parkhaus?

Mat dem Zil, d’Gestaltung vun eise Stroossen ze optimiséieren an de Confort vun den Awunner·innen ze verbesseren, féiert d’Gemeng Schëffleng no an no eng nei Organisatioun vum Parking an.

Den neie gedeckte Parking füügt sech voll a ganz an dës Approche an: Hien bitt eng praktesch a sécher Léisung fir Awunner·inne wéi och fir Visiteuren·sen a dréit zu enger besserer Verdeelung vun de Parkplazen am ëffentleche Raum bäi.



# Iwwert de Parking

### Standuert

De Parking läit am Häerz vu Schëffleng, tëscht der **Liberatiounsstrooss** an der **Kierchestrooss.**

### Capacitéit

- Total vun **175 Parkplazen**
- 38 Parkplazen si reservéiert fir d’Awunner·inne vum Gebai
- 137 Parkplaze fir d’Visiteuren·së vum Parking, dorënner 7 PMR-Parkplazen

### Unzuel vun de Luedstatiounen

**10 Parkplaze fir Elektroautoen**

- 6 Parkplazen um -1
- 4 Parkplazen um -3

### Ëffnungszäiten

De Parking ass **24/7** op.

### Tariffer

| | 1. Stonn | No der 1. Stonn |
|---|---|---|
| **Dagestarif (8.00 – 18.00 Auer)** | Gratis | 0,80 €/S |
| **Nuetstarif (18.00 – 8.00 Auer)** | Gratis | 0,40 €/S |
| **Sonndes a Feierdeeg** | Gratis | 0,40 €/S |
| No der éischter gratis Stonn gëtt all ugefaange Véierelstonn verrechent. | | |







**Accessibilitéit**

- **Entrée/Sortie fir Autoen**
  Den Zougang fir Autoe befënnt sech an der Kierchestrooss (nieft der Nummer 35, dem neie Office social); Barriäre mat automatescher Erfaassung vum Nummereschëld vum Gefier.
- **Verschidden Entréeë fir Foussgänger·innen**
  Zougang iwwer d'Liberatiounsstrooss beim Gebai Nummer 27 an beim Haus Teranga op der Nummer 35. Béid Accèsen hunn eng Keess a si fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit zougänglech.





**Bezuelmethoden**

- **Mat der Kaart**
- **Mat Cash:** nëmme bei der Keess bei der Entrée vun der Liberatiounsstrooss (no bei der Nr. 27)
- **Indigo-APP:** Umeldung an direkt Ofrechnung iwwer d'Applikatioun

**Sécherheet**


De Parking gëtt duerch e Kamerasystem iwwerwaacht. Nuets ass de Parking zougespaart, den Zougang ass awer mat engem gültege Parkticket garantéiert.

## E liewegen Espace am Häerz vun der Gemeng

Konzipéiert mam Fokus op Nohaltegkeet an d'Zesummeliewen, ass den neie Parking vill méi wéi just eng Plaz fir Autoen ofzestellen. En ass Deel vun enger moderner Visioun fir d'Stadentwécklung, an där all Infrastruktur dozou bäidréit, d'Liewensqualitéit vun de Bierger·innen ze verbesseren.

Als eng **konsequent nohalteg an ökologesch Initiativ** kritt de Parking, wann d'Aarbechte fäerdeg sinn, op sengem Daach **e grénge Park an eng Spillplaz**. Dës si fir jiddereen zougänglech a bidden eng Plaz fir sech ze entspanen, fir Leit ze begéinen a weider flott Fräizäitaktivitéite matten am Häerz vu Schëffleng.

Dëse Projet spigelt den Engagement vun der Gemeng erëm, **Mobilitéit, Wuelbefannen a Respekt virun der Ëmwelt** mateneen ze verbannen. Esou gëtt aus enger einfacher Noutwendegkeet vum Parken eng richteg Plus-value fir déi ganz Gemeng.



# Iwwert den Auto eraus– Nohalteg an ökologesch Initiativen

**D'Mobilitéit op ee Bléck**

## Vël'Ok

De System fir d'Locatioun vun elektresche Véloe.

Vël'OK ëmfaasst néng Gemengen am Süde vum Land, dorënner och Schëffleng. Fir dovunner ze profitéieren, geet et duer, sech beim Service Urbanismus an Nohalteg Entwécklung (SUDD) vun der Gemeng unzemellen an duerno déi Véloen ze notzen, déi an de verschiddene Statiounen zu Schëffleng zur Verfügung stinn.





## Vëlospisten

D'Vëlospisten zu Schëffleng bidde praktesch Verbindungen an d'Nopeschgemengen a gläichzäiteg d'Méiglechkeet, déi natierlech Landschaften an der Ëmgéigend voll a ganz ze genéissen. Si stellen domat eng douce Mobilitéitsalternativ duer, déi sech esouwuel fir Trajeten am Alldag wéi och fir Ausflich an der Fräizäit eegent. Dës Infrastrukture ginn am Joer 2026 ofgeschloss an/oder ausgebaut, fir en nach méi zesummenhängend a komfortabelt Netzwierk fir jiddereen ze schaffen.

## Ëffentlechen Transport

- Zu Lëtzebuerg si sämtlech ëffentlech **Transportmëttel gratis** a bidde jidderengem eng einfach an accessibel Mobilitéit.
- Zu Schëffleng bitt d'Gare eng direkt Verbindung mat der Haaptstad souwéi mat de wichtegste Stied vum Süde vum Land. D'Buslinnen (TICE: Linn 2 a 4; RGTR: Linn 612) ergänzen dës Verbindung a bedéngen eng Rei Quartieren an de Nopeschgemengen.






## Nightlife Bus

Den Nightlife Bus ass e gratis a séchere Service, fir sech Nuets um Weekend ze deplacéieren. Dëse Bus bedéngt d'Stad Lëtzebuerg, Esch-Uelzecht a véier Arrêten zu Schëffleng (Denis Netgen, Niddeschgaass, Stadhaus a Cité Emile Mayrisch) a fiert freides a samsdes, ouni Reservatioun. Sou ka jiddereen no enger Sortie roueg a sécher heemkommen.

**Zäiten & Arrêten**

**Pedibus**

Mat der Aktioun Pedibus wëll d'Gemeng Schëffleng d'Elteren dozou encouragéieren, manner dacks op den Auto zeréckzegräifen, an d'Kanner dozou motivéieren, méi heefeg zu Fouss an d'Schoul ze goen.

Déi meescht Schüler·inne ginn aktuell mam Auto an d'Schoul gefouert. Dës Situatioun féiert zu onnéidege Geforen am Ëmfeld vun de Schoulgebaier, besonnesch:

- d'Stationéiere vun Autoen um Trottoir: dëst zwéngt d'Kanner dacks dozou, op d'Fuerbunn auszewäichen, wat de Risiko vun Accidenter erhéicht;
- duerch d'Parke bei Busarrêten: doduerch muss de Bus op der Strooss stoe bleiwen, wat Stau verursaacht an et onméiglech mécht, d'Kanner op enger sécherer Plaz erauszeloossen;





- duerch e besonnesch dichte Verkéier am Ufank an Enn vum Schouldag.


**Flex Carsharing**

- Flex Carsharing by CFL Mobility ass e Service fir d'Locatioun vun Autoen, deen et de Bierger·innen erméiglecht, en Auto fräi kënnen ze notzen, ouni selwer en eegenen Auto ze hunn.
- Zu Schëffleng ginn et véier Flex-Statiounen, verdeelt tëscht der Schoul Nelly Stein, der Place Grande-Duchesse Charlotte, der Cité Op Hudelen an dem Centre sportif.



# Stationnement à Schifflange

## *Parken zu Schëffleng*




**PARKHAUS AM ZENTRUM**

Parking souterrain ouvert 24h/7j

**Zone orange**
Stationnement/parcage payant
lundi - samedi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 1h

**Zone rouge**
Stationnement/parcage payant
[sauf résidents avec vignette]
lundi - vendredi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 2h

**Zone mauve**
Stationnement/parcage payant
[sauf résidents avec vignette]
lundi - samedi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 4h

**PARKING POUR CAMIONNETTES**
(seulement avec vignette de parcage pour camionnettes)

**Zone bleue**
Stationnement/parcage payant
[sauf résidents avec vignette]
lundi - vendredi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 4h

**Zone blanche**
Stationnement/parcage avec disque
[sauf résidents avec vignette]
lundi - vendredi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 2h

**Zone verte**
Stationnement/parcage avec disque
[sauf résidents avec vignette]
lundi - vendredi
08h00 à 12h00 - 14h00 à 18h00 max. 4h

* Zone tampon : vignette du secteur A et du secteur B valable !